LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2282 vum 5. Mee 2025 vum éierbaren Deputéierten André Bauler**

**- Ass an de genannte Gemengen no anere passenden Infrastrukture gesicht ginn, déi d'Krittäre vu Sécherheet an Accessibilitéit erfëllen?**

**- Fënnt de Finanzminister et akzeptabel, wann am ganze Kanton Wooltz iwwerhaapt kee Steierbüro méi ass, wuelwëssend, datt eng Annexe nimools e richtege Steierbüro ersetze kann?**

**- Ass et virgesi fir d'Personal an de Steierbüroe vum Norden opzestocken, fir der steigender Demande vun de Biergerinnen a Bierger gerecht ze ginn ?**

D'Steierverwaltung kann déi genannte Raimlechkeeten net méi benotze well se net méi de Sécherheets- an Accessibilitéitsnorme entspriechen.

Dee neie Site zu Housen, deen 2028 a Betrib geet, wäert méi grouss si wéi déi bestoend Büroen. Infrastrukturen, déi bis elo gefeelt hunn, ginn domat geschafen, déi et erméiglechen wäerten d'Steierzueler ënnert bessere Bedingungen z'empfänken. Iwwerdeems verbesseren sech doduerch och d'Aarbechtsbedingunge vun de Mataarbechter vun der Steierverwaltung.

Zu Wooltz an zu Clierf wäert dem Bierger weiderhi jee no Besoin eng Präsenz ugebuede ginn. Gespréicher an deem Sënn sinn am gaangen.

Mam Zil, fir déi gréisstméiglech Proximitéit bei de Leit ze hunn. A gläichzäiteg fir déi néideg Sécherheet vun de Mataarbechter ze suergen.

Personell wäert sech mëttelfristeg näischt änneren.

Lëtzebuerg, den 23. Mee 2025

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth